

Lëtzebuerg, den 9. November 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit,
bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här
Mobilitéitsminister weiderzeleeden:

„Aus der Press si mer gewuer ginn, datt den Transportministère zesumme mat dem Lycée technique agricole (LTA) an der Gemeng Ärenddall eng Léisung fir ee P+R um “Bloen Eck” bei Steeën ausgeschafft huet. Dat ass eng gutt Saach. D'Éffentlechkeet ass och driwwer informéiert ginn, datt d'Gemeng Ärenddall d'Zoustëmmung ginn huet, fir bei hirem Footballterrain en neien Arrêt ze amenagéieren. Dësen Arrêt wäert vun der Schülerlinn K17 (Mersch - Larochette – Gilsdorf), déi d'Schüler direkt beim Lycée erausléisst, ugefuer ginn.

Zousätzlech dozou géif eng Informatiounscampagne vun der Administration des transports publics an der Akerbauschoul lancéiert ginn, déi d'Schüler iwwer dës nei Opportunitéit opklärt esou wéi iwwer aner Parkméiglechkeeten, déi eng direkt Ubannung un de LTA erméiglechen.

An deem Kontext wëll ech dem Här Mobilitéitsminister folgend Froe stellen:

- Wéi dacks pendelt d'Linn K17 Moies an no Schoulschluss tëscht dem neien Arrêt um Bloen Eck an der Akerbauschoul hin an hir? Wéi vill Parkplaze stinn de Schüler um Bloen Eck zur Verfügung? Huet dës Bus genuch Kapazitéite fir d'Schüler, déi aus dem Zentrum an Oste vum Land an de LTA kommen, en charge ze huelen?

- Géif een zousätzleche Pendeldéngscht agesat ginn, wann d'Zuel vun de Schüler, déi um Parking Bloen Eck halen, iwwer d'Kapazitéit vum Bus erausgeet?

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Wéi gedenkt den Här Minister d'Schüler, déi aus den Nord-Kantonen an de LTA kommen an déi op den Auto ugewise sinn respektiv net kënnen op de P+R Bloen Eck zrückgräifen, well dat en Ëmwee ass, entgéintzekommen? Goufen et do scho Gespréicher mat der Stad Dikrich fir eng Léisung ze fannen?*
- *Ass d'Schülerverriedung vum LTA an d'Echangen iwwer d'Transportproblematik mat agebonne ginn?*
- *Gëtt et schonn een Avant-projet fir dat neit Parkhaus, dat als Opfangparking fir Dikrech an Ëmgéigend, bei der Schwämm gebaut soll ginn?“*

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in blue ink, appearing to read 'Bauler', with a stylized flourish at the end.

André Bauler
Deputéierten